

"Bei Grandücks doheem"

Zu enger mësgléckter Ausstellung am Staatsmusée

"As dat alles?", "Wat e Krépéng!", "Wann dat alles as, as onst Herrscherhaus awer wierklech nët räich", "E puer verstëpste Lepper ... 'T feelt nach jhust de Potschamp!", "An dofir deen Opwand ...", "Du kënns Der fir wi an engem Prisong". Dat si nëmmen e puer spontane Reaktiounen vu Lëtzebuerger, di d'Ausstellung am Staatsmusée iwert 100 Joer Dynastie kucken woren. Ausser e puer eelere Leit, déi bei dësem oder deem Objet un all Anekdoten erënnert goufen, huet de Koschter keng Stëmm vu Bewonnerung oder nëmmen Zoustëmmung héieren. 'T gesäit su aus, wi wann di selwecht Architekten engagéiert goufe wi bei der grousser Onofhängekeetsausstellung um Lampertsbiërg, fir d'Leit mat där hirem Succès ze lackelen a gläichzäiteg den Aarmut vun den ausgestallten Objeten ze verstopen. Den Effet wor éischter ëmgedrëit. An och de Jean-Luc Koltz muss sech den Ofschlussartikel am Katalog, an deem e soll di schéinste Stécker aus de Sammlunge vum groussherzoglechen Haff nach eng Kéier erfirsträichen, richteg aus de Fangere suckelen. D'Ausstellung verstéisst géint all Prinzipier, di e Geschichtspädagog oder Museesdidaktiker am éischte Semester béibruucht kritt: Si setzt eenzeg op dat Spektakuläert an op anekdoteschte Kreemchen statt d'hystoiresch Dimensioun vun enger Monarchie z'erklären. Nieft zwee Diademen, di heechstens e sentimentale Wäert hun, kënnt en Iechernacher Codex aus dem 10. Jorhonnert iwwerhaapt nët eraus.

Firwat dann di Ausstellung, wa näischt ze weisen as? Wee wollt do der Lëtzebuerger Monarchie e schlechten Déngscht erweisen? Zejoert bei der Onofhängekeetsausstellung wor gesot gin, den Haff wëilt nët hun, dass dëst Joer di 100 Joer Dynastie nach zousätzlech sollte gefeiert gin; dorobhin wor d'Sektioun Dynastie an där Ausstellung mat besonnesch schéine Stécker e bësschen ausgebaut an op eng zentral Plaz placéiert gin. Firwat dann elo dach di Ausstellung am Musée, vun där am Fréijoer nach kee wosst, ob a wou se sollt sin. Dem Staatsminister no huet se ronn 50 Milliounen Frang kascht. Fachleit gin dervun aus, dass d'Wourecht ongeféier beim duebele Chiffer dierft leien. Déi Suen huet

d'Regierung ausgin, ouni di mannste parlamentaresch Kontroll. Hat d'Regierung dat néideg, fir dem Haff hir monarchistesche Iwerzeegung ze beweisen? Oder stëmmt ët, dass e Beamten aus der Chamberverwaltung, deen schon daz mat theatraleschen Iddeen opgefoll as, di nëmme fir di iewescht Zéngtausend gemënt woren, der Regierung an dem Musée d'Hand forcéiert huet? Wéisou gët weder an der Chamber nach an der Press iwert esou Froen eescht diskutéiert? Wisou man och lénks Journaliste - ofgesi vum "Gréngespuun" -, wi wann all Kritik un der monumentaler Ausstellung eng Kritik un der Monarchie als sollech wär?

Mat deene 50 Milliounen (wa nët méi) hätt de Musée jiddefalls kënne bal zéngmol méi Konschtwierker akafen wi mat deene lächerlechen fënnef an eng hallef Milliounen, di en am Budget 1990 zur Verfügung hat, fir am Konscht- an am hystoiresche Beräich nei Wierker anzekafen, an dovun hätte nach Generatiounen eppes gehat a nët nëmmen di puer dausend Visitioren am Dezember-Januar 1990. An dofir hätt kee Couturier vu Paräis missen ageflu gin, fir dass d'Räck dee richteg Pli krite an der Vitrin; dat kann och e Fënstermeedche vum Bram oder vum Freddy Eisen. Deen deieren Embau am Musée a virdrun, dee no der Ausstellung neess huet missen eweggerappt gin, wor zwar eng Grëtz pompös geroode, weist awer dass och op héijhere Plazen de Musée als architektonesch Katastrof ugesi gët: wéi wär ët da, wann deen endlech géif neigebaut gin, well um Gebei wäert sech näischt ännere, wann di naturhystoiresch Sektioun endlech an de Gronn ka plënnere. Am neie "Musée-info" deit den Direkter Paul Reiles un, dass en och där Meenung as.

Am Verglach zur Ausstellung vun zejoert sief awer och ee Fortschrëtt verzeechent: De Katalog as déi Kéier e Buch, dat säi Numm verdéngt huet a säi Präis wäert as. Nieft dem eigentleche Katalog mat der Beschreibung vun allen Ausstellungsstécker gin ët eng ganz Rëtsch Artikelen, di zum Deel zwar opgewiermt Kaffi sin, di awer ouni Zweifel en Informationswäert hun, dee sech liese léist. **m.p.**

"forum"-Index

Jahrgang 1-14, Nummer 1-104, September 1975 bis Juli 1988
2100 Artiekl, 120 Stichwörter, ca. 6000 Eintragungen, ca. 40 Seiten
zu bestellen gegen Überweisung von 100 F auf das Postscheckkonto 61154-44 mit dem Vermerk:
"Index"